



STOP AARMUTT

ALL ZESUMME FIR d'DIGNITÉIT

De Mouvement international ATD Quart Monde an de Comité International 17 Octobre invitieren lech dësen Opruff fir ze handeln, z'ënnerstëtzen :

D'Mënschheet steet virun Erausforderungen, wéi nach ni virdrun an ass op d'Intelligenz vu jidderengem ugewisen.

D'Aarmutt ass Gewalt. Si provozéiert Beuerteelungen an Demütegungen, léisst Mënsche verstommen, zerstéiert Liewen. Si verhënnert Fridden an d'Liewe vum Planéit.

Mä d'Aarmutt ass keng Fatalitéit, wéi d'Sklaverei an d'Apartheid ka si iwwerwonne ginn. Schonn ëmmer hunn déi Betraffe sech gewiert, eis Welt brauch hiert Wëssen.

Et ass un der Zäit, eng Welt opzebauen, wou kee Mënsch ausgeschloss ass. Mir kënnen ee vum anere léieren eis géigesäiteg vun der Logik vum Ausgeschlosssinn an der Dominanz ze befreien, déi scho vill ze laang d'Bezéiung tëschent de Mënsche bestëmmen.

Leit aus all Milieu an aus villen Associatiounen schlësse sech dësem Opruff fir ze handeln, deen de Joseph Wresinski, Grënner vun ATD Quart Monde, de 17. Oktober 1987, éischte Weltdag zum Iwwerwanne vun der Aarmutt, lancéiert hat, un.

« Iwwerall, wou Mënschen dozou veruerteelt sinn, an der Aarmutt ze liewen, ginn d'Mënscherechter verletzt. Sech zesummendinn, fir dass se respektéiert ginn, dat ass eng helleg Aufgab. »

Dësen Opruff fir ze handeln, ass eng gewaltlos Äntwert op d'Gewalt vum Misär. En huet ausgegrenzte Gruppen a Familljen an Nout erlaabt mat aneren ze reagéieren an nogelauschtert ze kréien.

Zënter 1987 mobiliséieren an engagéieren sech ëmmer méi Leit géint de Misär. Hiert Engagement beweist, datt mir zesummen d'Exclusioun an de Misär iwwerwonne kënnen. Et weist, datt et méiglech ass, zesummen eng friddlech Welt ouni Misär an Angscht, eng Welt, wou jiddereen eppes bäidréit, opzebauen.

Och ech engagéiere mech fir eng Welt ouni Misär.

Fir dësen Opruff z'ënnerschreiw an fir beim Mosaik Stop Pauvreté matzemaachen, gitt op www.stoppauvreté.org



STOP
AARMUTT
ALL ZESUMME FIR D'DIGNITÉIT

Och ech engagéire mech fir eng Welt ouni Misär.



STOP
PAUVRETÉ
AGIR TOUS POUR LA DIGNITÉ

Moi aussi, je choisis d'agir pour un monde libéré de la misère.



SCHLUSS
MIT DEM ELEND
GEMEINSAM FÜR DIE WÜRDE ALLER

Ja, auch ich will mich für eine Welt einsetzen, die frei von Armut ist.

Numm a Virnumm - Nom et prénom - Name und Vorname:

Adresse :

Email :

Zeréck schécken un - A renvoyer à - Zurück senden an :

ATD Quart Monde, 25, rue de Beggen L- 1221 Luxembourg